ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen

President vun der Deputéiertechamber

19, um Krautmaart

L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 18. Mee 2022

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Finanzminister an den Här Minister fir den ëffentlechen Déngscht weiderzeleeden.

Trotz där weiderhin staarker Inflatioun soll 2022 keng weider Indextranche ausbezuelt ginn. A sengem Roll als Patron spuert de Staat doduerch Käschten, déi bei der Remuneratioun vum ëffentlechen Déngscht entstane wieren, anerersäits ginn awer och Recette verluer, déi iwwert déi allgemeng Besteierung vun der Indextranche vum ëffentlechen a private Personal entstane wieren an zousätzlech iwwert déi kal Progressioun generéiert gi wieren.

An deem Zesummenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

1) Kann d'Regierung chiffréieren, wéi vill Zousazausgabe brutto am Staatsbudget entstane wieren, wann den ëffentlechen Déngscht 2022 eng weider Indextranche ausbezuelt kritt hätt?
2) Kann d'Regierung am Sënn vun der Fro virdru chiffréieren, wéi héich eng weider Indextranche de Staatsbudget am Kader vun der Remuneratioun vum ëffentlechen Déngscht netto belaascht hätt, wann een all déi doduerch zousätzlech generéiert Steierrecette mat berécksiichtegt?
3) Kann d'Regierung chiffréieren, wéi vill Recetten de Staat duerch eng weider Indextranche bei der Akommessteier insgesamt kritt hätt?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten